N°3573
Entrée le 30.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.02.2026
Chambre des Députés

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 30. Januar 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Och an dësem Joer hunn d'Initiatives sociales eng Rei Projeten dem Ministère virgestallt. Fir dës Ëmsetzung am Sënn vun hirer gesellschaftlecher Verantwortung an am Kader vun der Sozial- a Solidarwirtschaft nohalteg kënnen realiséiren, sinn dofir och dëst Joer zousätzlech mënschlech Ressourcë néideg.

An deem Kontext géingen mir dem Här Minister follgend Froe stellen:

- Wéi vill Leit schaffen aktuell an den Initiatives sociales?
- Wéi huet sech dës Zuel par rapport zu leschtem Joer entwéckelt?
- Wéi eng nei Projeten goufen vum Ministère fir 2026 accordéiert a wéi vill Leit mussen an dësem Kontext nei agestallt ginn?
- Ginn am Kader vun dësem Thema Projeten ofgeleent, a wa jo, aus wéi enge Grënn?
- Sinn nach aner Mesuren am Kader vun der Sozial- a Solidarwirtschaft virgesinn fir d'Joer 2026?

Mat déiwem Respekt

Georges Engel
Deputéierten

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

#ZESUMMEN
Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu